N°2780
Entrée le 14.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.08.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Ëmmer méi Familljen interesséieren sech dofir, dass hir Kanner a Kontakt mat der Natur sinn a schécken se dofir am léifsten an eng Bëschcrèche aplaz eng grouss Struktur. Verschidde vun dëse Crèchen hunn eng Konventioun mam Staat a ginn och iwwert de Chèque-service accueil finanzéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Krittäre mussen erfëllt sinn, fir dass eng Betreiungsstruktur sech dierf Bëschcrèche nennen?
2. Ginn et Ënnerscheeder bei de Krittären tëschent private Strukturen an ëffentleche/konventionnéierte Strukturen, fir kënnen eng Bëschcrèche ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2780 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Wéi eng Krittäre mussen erfëllt sinn, fir dass eng Betreiungsstruktur sech dierf Bëschcrèche nennen?**

Wéi am *Cadre de référence national sur l'éducation non formelle* beschriwwen, stellt den Openthalt dobaussen an de Kontakt mat der Natur e festen Deel vum Léier- an Entwécklungsprozess vum Kand duer. Dat naturnot Ëmfeld déngt dobäi als edukative Raum, als materiell Ressource an als Handlungsfeld, dat zu der ganzheetlecher Entwécklung bäidréit. E puer Strukturen integréieren déi Notioun vu 'Bësch' oder 'Natur' an hirem Numm. D'Wiel vum Numm läit beim Gestionnaire selwer an et besteet kee festgeluechte Krittärekatalog, deen erfëllt muss ginn, fir sech esou kënnen ze nennen. D'Bezeechnung „Bëschcrèche" ass deemno aktuell kee geschützte Begrëff.

Onofhängeg vun der Bezeechnung gëllt awer fir all Struktur, déi eng Konventioun mam Staat huet oder iwwer de Chèque-service accueil finanzéiert gëtt, datt déi allgemeng gëlteg Qualitéits- a Sécherheetsfuerderunge musse respektéiert ginn an datt d'Ausriichtung vum *Cadre de référence national sur l'éducation non formelle* agehale gëtt.

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend schafft weiderhin op verschiddenen Niveauen drun, den Openthalt an der Natur ze vereinfachen an ze promouvéieren. Sou gëtt aktuell engersäits un engem reglementaire Kader geschafft, deen d'Grënnung vum *Accueil en nature* fërderen soll. Anerersäits gi verschidde pedagogesch Ressourcen erstallt, fir d'Educatiouns- a Betreiungspersonal an der Aarbecht an der Natur ze ënnerstëtzen.

2. **Ginn et Ënnerscheeder bei de Krittären tëschent private Strukturen an ëffentleche/konventionnéierte Strukturen, fir kënnen eng Bëschcrèche ze ginn?**

Fir d'Zouloossung an d'Qualitéitskontroll gëllen ëmmer déi selwecht gesetzlech a reglementaresch Viraussetzungen, onofhängeg vum juristesche Status oder der Finanzéierung vun der Struktur. Deemno muss all Struktur, déi sech „Bëschcrèche" nennt – egal ob privat oder konventionéiert – déi allgemeng gesetzlech Bestëmmunge respektéieren, déi fir all Bildungs- a Betreiungsstrukture gëllen.

Am Fall vun enger Betreiung vu Kanner an der fräier Natur, kann de Minister, dee fir d'Kandheet zoustänneg ass, laut dem geännerte groussherzogleche Règlement vum 14. November 2013 iwwer d'Zouloossung fir d'Gestionnairë vu Betreiungs- a Bildungsservicer fir Kanner, Ausnamen a Bezuch op d'Paragrafen 2 an 3 vum Artikel 13 an a Bezuch op d'Artikelen 15 bis 19 vun deem Reglement zouloossen.

Lëtzebuerg, de 16. September 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH